



Lëtzebuurger  
Guiden a Scouten

## Buchbënnerspill: Kleeschen

### Fir Biber/Wëllefcher/Avex/CaraPio


Et muss een eenzel Saachen oder Materialien sammeln, fir kënnen eppes méi „Groussen“ hierzestellen.

D'Kanner müssen also déi eenzel Saachen sammeln fir dann dat méi „Grousst“ hierzestellen.

- Wou: Et spillt sech gutt op engem méi groussen Terrain, wou d'Kanner kënnen vu Chef zu Chef lafen; z.B. eng Wiss oder Bësch.
- Zil vum Spill: souvill Punkte wéi méiglech ze hunn.
- Wéi: All Kand spillt eenzel
- Spilldauer: 30-40 Minutten.
- Et gëtt eng „Zentral“ wou d'Kanner hier Saachen/Materialien kënnen zu engem „Groussen“ ëmtauschen/hierstellen.
- Déi aner Chef sinn um Terrain verdeelt an hunn déi verschidde Saachen/Materialien bei sech (an enger Enveloppe). Ee Chef ka méi wéi 1 Zort Materialien bei sech hunn. Et brauch ee minimum 3 Chef.

Oflaf:

- D'Spiller gesinn an der Zentral d'Plakat mat deem wat se alles kënnen hierstellen (**Fir Biber/Wëllef**: Kichelcher, Chrëschtbeemchen, Schnéimännchen, Kleeschen. **Fir Avex/CaraPio**: Kichelcher, Adventskranz, Schnéimännchen, Chrëschtbeemchen, Kleesen.).
- D'Spiller maachen sech dann op d'Sich no deenen eenzele Saachen/Materialien: si lafen iwwert den Terrain bei e Chef.
- Wann se bei engem Chef sinn, musse si géinteneen z.B. Schnick-Schnack-Schnuck spillen.
  - Wann d'Kand gewënnt, freet et de Chef ob dësen eng bestëmmten Zort Materialien huet. Zum Beispill: „Hues du e Stäer?“. Wann de Chef Gras besëtzt, kritt d'Kand der (1 Bild vum Stäer). Wann de Chef et net besëtzt, muss d'Kand weiderlafen bei en anere Chef.
  - Wann d'Kand verléiert, muss et weider bei en anere Chef lafen.
- D'Kanner sammeln all hier Materialien déi se brauchen. Wann se alles zesammen hunn fir dat méi „Grousst“ hierzestellen, lafen se zrëck an d'Zentral, ginn alles do of, a kréien déi gewëssen Unzuel u Punkten (z.B. fir Kichelcher kréien d'Biber/Wëllef 1 Punkt an d'Avex/CaraPio 2 Punkten. Fir e Kleeschen kréien d'Biber/Wëllef 3 Punkt an d'Avex/CaraPio 10 Punkten). De Chef an der Zentral kontrolléiert ob d'Kand alles richteg gesammelt huet a schreift d'Punktzuel op.
- D'Spiller/Kanner kënnen awer och aner Kanner um Terrain ofklappen an géint dës rëm Schnick-Schnack-Schnuck spillen. Hei gëllt dann dee selwechte Prinzip: se froen ob de Verléierer eng gewëssen Zort vu Materialien huet, kann deem se dann ofhuelen, oder wann dee keng huet, muss et weiderlafen.
- No enger Zäit gëtt d'Spill gestoppt an da ginn d'Punkte gezielt. Gewonnen huet dat Kand, wat am meeschte Punkte huet.



















Lëtzebuurger  
Guiden a Scouten

## Buchbënnerspill: Kleeschen





















### Fir Biber/Wëllefcher/Avex/CaraPio

Dëst Spill ka mat deene 4 Branchen zesumme gespillt ginn.

Dat éischt Plakat ass fir Biber/Wëllefcher:

Buchbënnerspill Kleeschen	
1 P.  Kichelcher	 +  Stäer      Miel
1 P.  Chrëschtbeemchen	 +  Bängelen      Stäer
2 P.  Schnéimännchen	 +  +  Hutt      Muert      Bängelen
3 P.  Kleeschen	 +  +  Hutt      Kichelcher      Stäer

Dat zweet Plakat ass fir Avex/CaraPio (et ass méi schwéier a si kréie méi Punkten):

2 P.  Kichelcher	 +  Stäer      Miel
4 P.  Adventskranz	 +  +  Käerzen      Stäer      Bängelen
5 P.  Schnéimännchen	 +  +  Hutt      Muert      Bängelen
8 P.  Chrëschtbeemchen	 +  +  Stäer      Käerzen      Adventskranz
10 P.  Kleeschen	 +  +  +  Hutt      Kichelcher      Kaddoen      Stäer

# Buchbännerspill

## Kleeschen

1 P.



Kichelcher



Stäer

+




Miel

1 P.



Chrëschtbeemchen



Bengelen

+



Stäer

2 P.



Schnéimännchen




Hutt

+



Muert

+



Bengelen

3 P.



Kleeschen



Hutt

+



Kichelcher

+



Stäer

2 P.



Kichelcher



Stäer

+



Miel

4 P.



Adventskranz




Käerzen

+



Stäer

+



Bengelen

5 P.




Schnéimännchen




Hutt

+



Muert

+



Bengelen

8 P.



Chrëschtbeemchen



Stäer

+



Käerzen

+



Adventskranz

10 P.



Kleeschen



Hutt

+



Kichelcher

+



Kaddoen

+



STäer

